ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 02/04/2025

Rapport vun der Kommissioun vum drëtten Alter

Sëtzung vum 27 Februar 2025

Präsenzen

Present (Quorum 50% , ≥6)	Net present	Observateuren a Experten
Pascale BERNA Stefanie BLOCK Rosie BRANDENBURGER Yolande EVERAD-GRAFF Carlo KOEPP (Sekretär) Corinne REDING-SCHARLÉ (Presidentin) Liselotte RUEF-VOGT (Vize-Presidentin) Seth RUEF Suzanne WEIS-COLLÉ	Sylvie GIERES-DEITZ (entschëllegt) Lydie RUPPERT (entschëllegt)	

Dagesuerdnung

Déi folgend Dagesuerdnung gouf op d'mannst 2 Deeg virun der Sëtzung un d'Memberen (3e.age@helperknapp.lu) an op odj@helperknapp.lu verschéckt, respektiv nodréiglech, op Ufro vu Memberen oder dem Schäfferot, ugepasst

1. Begréissung, Presenzelëscht
2. Validatioun Rapport
3. Bilan Fleegeversécherung Konferenz
4. Experienz Kaffistuff
5. Summer Ausfluch
6. Fréijoer' s Sortie
7. Divers a nächst Dagesuerdnung

Helperknapp, 02/04/2025

Punkt 1 : Begréissung, Presenzelëscht

Presidentin huet d' Sëtzung opgemaach an d' Memberen begréisst. Zwee Memberen haten sech entschëllegt.

Punkt 2 : Rapport vum 9 Januar

De Rapport gouf approuvéiert.

Punkt 3: Bilan Konferenz iwwert Fleegeversécherung

Et war een gelungenen Owend, un deem méi wéi 60 Leit zesumme mat Memberen vum Schäfferot deelgeholl hunn. Den Här Streicher Tom an eist Pascale Berna hunn eng detailléiert Präsentatioun vun enger gudder Stonn iwwer de méigleche Fleege Leeschtungen gehalen. No hirer Präsentatioun goufen nach Froen gestallt. Zum Ofschloss huet d'Gemeng op e gemeinsame Patt invitéiert.

Punkt 4 : Experienz Kaffistuff

Den 13 Februar hat d' Kommissioun, mat Ënnerstëtzung vun eiser Gemeng, eng éischt Kaffistuff am Lëtschert organiséiert. Eng Dose Leit haten op eis Invitatioun reagéiert. Et war en éischt kenne léieren. Gebueden goufen Kaffi, Gedrénks a verschidden Kuchen, an e flotte Nomëtteg mat Diskussiounen an verschidden Spiller, vum Poker iwwer Rummikub an Uno.

De Sall war vun der Gemeng miwweléiert ginn mat Still an Dëscher. D' Kommissioun Memberen hunn d' Regaler mat Deko Saachen a Bicher gefëllt an de Sall an Dëscher, am Virowend vu Valentin' s Dag, schéin dekoréiert.

Fir dës Experienz ze widderhuelen soll an ongeféier 3 Méint eng weider Kaffistuff organiséiert ginn. Dës Kéier op engem anere Wochendag, a mir bidden, nieft zousätzlechem Gedrénks (Béier, Coup), eng Bingo Partie vun enger Stonn tëschent 15h a 16h.

Helperknapp, 02/04/2025

Punkt 5 : Summer Ausfluch

D' Gemeng huet fir de Summerausfluch mat der Marie-Astrid ee "Save the Date" erausginn, a si këmmert sech ëm de weideren Oflaf.

Punkt 6 : Fréijoer' s Sortie

De Seth huet proposéiert de Marc Barnich vum Kinoler ze kontaktéieren fir ee Film an en Datum festzeleeën.

Mir brauchen nach den Accord vun der Gemeng, well et muss jo eng Invitatioun per Bréif un d' Senioren geschéckt ginn. Et ass dorops hinzeweisen dat d'Platzen limitéiert sinn. Ausserdeem muss e Bus organiséiert ginn. D' Fro wien d' Käschten iwwerhëlt muss nach gekläert ginn! Den Datum soll tëschent dem 25 Abrëll an dem 16 Mäi, nomëttes leien.

Et gouf eng Propose fir zwee méiglechen Filmer presentéiert, den **Ballon**, e Film vun 2018, an **Mach dein Ding** vun 2020 iwwert Debuten vum Udo Lindenberg.

Punkt 7 : Divers a nächst Dagesuerdnung

Fir de **nächsten Ordre du jour** kann een déi follgend Punkten scho vermierken:

- Validatioun Rapport
- Retouren, Demanden aus dem Gemengerot
- Themen ofstëmmen fir eng nächst Konferenz
- Kinoler Nomëtteg
- Nächst Kaffi Stuff
- Summer Ausfluch
- Preparatioun Chrëschtfeier
- Divers: Berodung ubidden woubäi d' Leit sech melle sollen!

Nächst Sëtzung

23 Abrëll um 18h00, am Sall um Lëtschert zu Béiwen

Dëse Rapport soll an engem Délai vun 2 Wochen no der Sëtzung un d'Memberen verschéckt a no der Approbatioun als PDF un déi responsabel vun der Administration (tanja.asselborn@helperknapp.lu & yves.munchen@helperknapp.lu) weidergeleed.